




### Léif Enseignanten,

Trotz der aktueller sanitärer Kris oder grad dowéinst freeë mir eis, lech an dësem Newsletter néi Aktivitéite vu „clever move“ virzestellen, déi ouni Kierperkontakt an der Schoul kënnen duerchgefouert ginn. Rezent Studie weisen, datt d’Bildschirmzäit op Smartphone, Tablett respektiv Spillkonsol bei de Kanner während dem an nom Confinement drastesch geklommen ass (cf. Konferenz Manfred Spitzer vum 10. September 2020). Dobäi kënnt, datt dir an der Schoul, op Grund vun de sanitäre Virschrëften, éischer gezwonge gitt, d’Kanner op hirer Plaz ze halen. Dofir géife mir lech motivéieren, awer all Dag mindestens eng Aktivitéit mat de Kanner ze maachen, wou si op hirer Plaz bleiwen a sech trotzdem kënnen bewegen.

### 1. Spiele ohne Körperkontakt

Fir d’Rentrée gutt unzufänken, stelle mer lech hei zwee Sets mat Spiller ouni Kierperkontakt vir. Sécherlech ass déi eng oder aner Aktivitéit dobäi, fir Ären Unterrecht méi ofwiesslungsräich ze gestalten, ëmmer am Respekt vun den aktuellen Hygiènesvirschrëften.

- <http://edulink.lu/dqt3>
- <http://edulink.lu/rjrd>



### 2. Nationaalt Austauschtreffen

Den 9. Juni 2020 hate mir zu Jonglënster e nationaalt Austauschtreffen zum Thema „Bewegung am Unterrecht“ geplangt. Dëst Treffen hat wéinst der sanitärer Kris leider missten ofgesot ginn. Och aktuell ass et nach net evident gréisser Reuniounen z’organiséieren. Mir plangen awer fir dëst Schouljoer en Online-Austauschtreffen z’organiséieren, wou mir d’Erfahrungen a méiglech Schwierigkeete wëllen thematiséieren. Mir halen lech au courant, wa mir ee geneeën Datum hunn.

### 3. Karteikëscht

De SCRIPT verëffentlecht dëst Schouljoer eng Karteikëscht mat ronn 100 verschiddenen Aktivitéiten zum Thema Bewegung am Unterrecht. D'Ënnerdeelung an d'Kategorië „Bewegungspausen“, „Bewegtes Lernen“ a „Bewegte Schulhofpausen“ erméiglecht Iech, séier eng passend Aktivitéit ze fannen, fir d'kierperlech a geeschteg Leeschtungsfäegkeet ze optiméieren an d'Motivatioun beim Léieren ze steigern. Mir schécken Iech am nächsten Newsletter eng „Amuse bouche“ mat den éischte Kaarten!

### 4. Label & Vignetten 2020/21

Mir sinn houfreg, an de kommende Woche 16 Schoulen, déi schonn de Label „clever move“ hunn, d'Vignette 2019/20 vum leschte Schouljoer kënnen zouzeschécken. Mir hoffen, datt mir dëst Joer nach e puer Schoulen dobäi kréien!



1. Beaufort
2. Berdorf
3. Bissen
4. Fischbach
5. Heffingen
6. Lintgen
7. Larochette
8. Lorentzweiler
9. Mersch (C1&C2)
10. Nommern
11. Reisdorf
12. Roeser
13. Saeul
14. Useldange
15. Vichten
16. Waldbillig

Mir wënschen Iech alleguer eng flott Rentrée !



*P.S.: Sidd Dir als Schoul net méi un dëser Newsletter interesséiert, da maacht eis e Mail ([info@clevermove.lu](mailto:info@clevermove.lu)) fir en ofzebestellen.*